

	<b>10<sup>e</sup> séance</b>	<b>Présidence</b>
	Mercredi 21 novembre 2001	<b>M. Jean Spautz, Président</b>

**Ordre du jour****1. Communication**

2. Projet de loi 4516 portant approbation de l'instrument pour l'amendement de la Constitution de l'Organisation internationale du Travail, adopté par la Conférence internationale du Travail à sa quatre-vingt-cinquième session, à Genève, le 19 juin 1977 (*Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

3. Interpellation de M. Jean Huss sur les risques pour la santé induits par les ondes électromagnétiques de très basse fréquence et de haute fréquence (*Discussion générale - Motions et Résolution*)

4. Motion de Mme Renée Wagener concernant les modalités des consultations complémentaires pouvant être exécutées par les sages-femmes (*Discussion générale - Vote*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Carlo Wagner, Ministre.

**(Début de la séance publique à 14.30 heures)**

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

**1. Communication**

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn lech folgend Kommunikatioun ze maachen:

Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet haut, den 21. November 2001, de

- *Projet de loi 4870 portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières*

um Greffe vun der Chamber déposiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4516 iwwert den OIT. Et sief drun erënnert, dass bei dësem Projet de loi nom Artikel 145 vun eiser Verfassung ofgestëmmt gëtt, dat heescht, dass mindestens dräi Véierel vun den Deputéierte mussen present sinn an de Projet mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel muss ugeholl ginn.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

**2. Projet de loi 4516 portant approbation de l'instrument pour l'amendement de la Constitution de l'Organisation internationale du Travail, adopté par la Conférence internationale du Travail à sa quatre-vingt-cinquième session, à Genève, le 19 juin 1977**

***Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi***

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.-** Här President, Här Aarbechtsminister, Kolleeginnen a Kolleegen, et geet beim virleiende Projet ëm d' Ratifizéierung vun enger Ännerung vun der Verfassung vun der OIT, déi 1997 op der alljärecher Konferenz ugeholl ginn ass.

Ganz kuerz e puer Erklärungen zu der OIT, wann Dir erlaabt?

Et ass u sech eng Ënnerorganisatioun vun der UNO. D'Generalsekretariat vun der OIT ass eis besser bekannt. Dat ass de BIT. D'OIT ass gegrënnt ginn 1919 an de Moment sinn 176 State Member.

Opgrond vun enger Rei vun Aarbechten um Terrain am Zesammenhank mat der Uwendung vun Sozialnormen ass d'Aufgab vun der OIT virun allem déi, fir Mindestnormen am Aarbechts- a Sozialrecht a Konventiounen a Recommendatiounen op der alljärecher Konferenz ze diskutéieren an ze verabschieden.

D'Beschlussfaassung vun der OIT ass dräigliederech: Regierungsvertreeder, Arbeitnehmervertreeder an Arbeitgebervertreeder.

Vun 1919 u sinn 194 Konventiounen an 192 Recommendatiounen ugeholl ginn. Wann ee Stat déi Konventiounen ratifizéiert, da baut e se an d'nationaalt Recht an. Ganz vill Gesetzter orientéiere sech un den Normen vun der OIT.

Et kann ee verstoen, dass eng ganz Rei vu Konventiounen net méi aktuell, zu engem Deel vereelt sinn oder zu engem aneren Deel duerch nei Konventiounen a wesentlechen inhaltleche Propositionen iwwerholt sinn.

Bis 1997 huet awer an der Verfassung vun der OIT eng Prozedur gefeelt, fir esou Konventiounen ausser Kraaft ze setzen. Dofir ass no relativ laangen Diskussiounen 1997 op der alljärecher Konferenz eng Ofännerung ugeholl ginn, déi seet, dass bestëmmte Konventiounen, déi net méi aktuell sinn, kënnen ausser Kraaft gesat ginn, wann op der Konferenz dat mat enger Zwee-Drëttel-Majoritéit beschloss gëtt.

No där Décisioun huet den deemolegen Ausseminister, well et ass jo den Ausseministère, deen zoustänneg ass fir international Konventiounen, de 26. Januar 1999 de Projet, deen lech elo virläit, déposiert. Mä well de Projet awer an d'Kompetenz vum Aarbechts- a Sozialministère fält, ass en, wéi och anerer schonn, wann et ëm d' Ratifikatioun vu Konventiounen geet, an déi zoustänneg Chamberkommissioun Travail et Emploi agemündt ginn.

D'Berufschambere si selbstverständlech ëm en Avis gefrot ginn. Si hunn alleguer positiv reagiert, well et jo och déiselwecht sinn, déi schonn op der Konferenz hir Zoustëmmung dozou ginn hunn. D'Regierung huet datselwecht verkündet duerch den Dépôt vum dësem Projet.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 26. Oktober 1999 op eng Rei verfassungsrechtlech Problemer opmierksam gemaach. Zum Beispill, dass eng vum Parlament gestëmmte Konventioun national Gesetzeskraaft huet. Kann eng vun der OIT ausser Kraaft gesate Konventioun automatesch en nationaalt Gesetz ausser Kraaft setzen? Eng vun de Problematiken, déi de Statsrot beweegt hunn, fir drop opmierksam ze maachen, dass mer net esou ouni Bedingungen dëse Projet kéinten unhuelen. A mengem schrëftleche Rapport fannt Der d'Eenzelheeten am Zesammenhang mat der Verfassungsméissigkeet vun der Ofstëmmung par rapport zu dëser Konventioun.

De Moment ass déi Kommissioun, déi sech mat der Revisioun vun der Verfassung befaasst, amgaang den Artikel 37, ëm deen et hei geet, enger Revisioun ze ënnerzéien. Ech sinn iwwerzeegt, dass den Här Paul-Henri Meyers, deen déi Kommissioun presidéiert, am Numm vun eiser Fraktioun e puer Wuert dozou soe wäert.

De Statsrot huet - ouni elo an den Detail vun där ganzer Problematik wëllen anzegoen - proposéiert, d'Ofstëmmung am Parlament gemäss dem Artikel 114, Absatz 5 vun der Verfassung, virzehuelen, dat heescht, dass dräi Véierel vun den Deputéierte mussen present sinn - dat si 45 Deputéierten - an zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert sinn, fir dee Projet unzehuelen.

Eis Kommissioun huet dem Virschlag vum Statsrot hir Zoustëmmung ginn. Mir hunn awer der Regierung proposéiert, all an Zukunft ausser Kraaft gesate Konventiounen, esou wäit wéi se ratifizéiert sinn, am Mémorial ze verëffentlechen an dat am Respekt vum Artikel 112 vun eiser Verfassung, deen dat virgesäit. Weider schléit eis Kommissioun der Regierung vir, bei der zukünftiger Kodifizéierung vum Aarbechtsrecht - an déi Kodifizéierung ass amgaang gemaach ze ginn -, all ratifizéiert OIT-Konventiounen, och déi ausser Kraaft gesaten, an engem Unhang opzeféieren, esou dass jiddfereen en connaissance de cause sech ka befannen. Déi Virschléi ginn a mengem Rapport konkret presentéiert.

D'Kommissioun huet de 15. November dee Rapport eestëmmung ugeholl an dréckt aus, dass d'Parlament am Kader vun deene Reserven an deene Virschléi, déi mir gemaach hunn, soll deem virleiede Projet seng Zoustëmmung ginn.

Ech soen nach eng Kéier als President vun der Kommissioun de Kolleeginnen an de Kolleegen aus der Kommissioun merci. Dem Sekretariat, dat eis an där relativ komplexer Matière gutt zur Säit stong, och e Merci, an ech bidden lech am Numm vun der Kommissioun, compte tenu vun de formuléierte Remarken, dem virleiede Projet Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Paul-Henri Meyers.

### Discussion générale

**M. Paul-Henri Meyers (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fannen et scho wichteg, dass, wa mer ee Projet wéi deen heite stëmmen, een och e Wuert seet, firwat dass mer dat musse maache mat enger Majoritéit qualifizéiert, well et geet hei ëm eng vun de wesentlechsten Aufgabe vun der Chamber.

Eng vun deene wichtegsten Aufgabe vun der Chamber ass déi, fir Gesetzter ze stëmmen, mä och wa Gesetzter ofgeschafft ginn, muss d'Chamber hir Zoustëmmung ginn.

D'Gesetz ass déi ieweg juristesche Norm. D'Verfassung selwer ass ee Gesetz, wat mat enger qualifizierter Majoritéit gestëmmt gëtt. Dofir huet et och eng méi grouss Importanz wéi d'Gesetz selwer an et steet an der Hiërarchie vun den Normen iwwert d'Gesetzter.

D'Chamber gëtt mat deem heiten Text engem Drëtten, enger internationaler Instanz d'Méiglechkeet fir Konventiounen, déi d'Chamber approvéiert huet, déi hei am Land a Kraaft sinn, ausser Kraaft ze setzen. Domat triede mer souverän Rechter, déi mir hunn, un en internationalen Organismus of.

Wa mer dat Gesetz stëmme solle mer eis och deene Pouvoiren, an deem wat mer hei maachen, bewusst sinn.

Et stelle sech awer am Zesammenhang mat deem heite Gesetz verschidde Problemer:

Éischtens ass virgesinn, dass wann ee Pouvoiren, déi normalerweis dem Législateur virbehale sinn, engem Drëtten oftrëtt, dat muss - dat gesäit den Artikel 49bis vir - mat enger qualifizierter Majoritéit geschéien. Dat maache mer an dofir mussen haut 45 Deputéierte present sinn an et mussen der 40 d'accord sinn, dass dat geschitt, well mir erlaben engem internationalen Organismus Konventiounen ausser Kraaft ze setzen. An der Vergaangenheet hu mer gestëmmt, wa mer Pouvoiren ofgetrueden hunn. Ech erënneren do un déi

Pouvoiren, déi mer am Kader vun der Europäescher Unioun un aner Instanze vun der Unioun iwwerginn hunn. Do konnten dann Décisiounen geholl ginn, déi positive Charakter haten. Hei ass et ëmgedrënt, hei ginn Normen, déi bestinn, och hei am Land, opgrond vun engem Vote an engem Gesetz ausser Kraaft gesat.

Den Artikel 37 gesäit an der Form wéi en elo virläit eigentlech dat do net vir. Et steet net dran, dass, wa Konventiounen dénoncéiert ginn, déi musse vun der Chamber approuvéiert ginn. Dofir wëllt och d'Kommissioun, déi sech mat der Verfassungsännerung ofgëtt, eng zousätzlech Dispositioun an den Artikel 37 erabréngen, dass an Zukunft, wa Konventiounen dénoncéiert oder ofgeschaaft ginn, e Vote vun der Chamber muss geholl ginn. Dat ass de Parallelismus vun de Formen. Deen, deen d'Gesetz stëmmt, huet och eleng de Pouvoir fir d'Gesetz ofzeschaffen. Dat soll also an d'Verfassung ageschriwwen ginn.

En zweete Problem, deen och an der Kommissioun opgeworf ginn ass - a mat Recht -, dat ass deen, dee sech ergëtt aus dem Artikel 112 vun der Verfassung. Den Artikel 112 seet, dass keng Dispositioun hei am Land a Kraaft kann treden, kee Gesetz, kee Reglement kann obligatoresch ginn, wann et net publizéiert ginn ass. D'Fro stellt sech awer, wann eng Norm ofgeschaaft gëtt, ob een net misst déiselwecht Form vu Publizitéit respektéieren. Wéi kann de Bierger wëssen, dass eng Dispositioun abrogéiert gëtt, wa se net am Mémorial publizéiert ass? Dofir huet d'Kommissioun festgehalten, dass, wann an Zukunft Konventiounen ofgeschaaft ginn, déi eventuell Rechter vun de Particulierë betreffen, et noutwendeg ass, dass déi Ofschafungen, och wa mer se hei ofrieden un en internationalen Organismus, am Mémorial publizéiert ginn; dass de Bierger esou ka wëssen, dass déi Konventiounen ofgeschaaft sinn. Mir hunn dofir der Regierung d'Recommandatioun gemaach, wann et och net am Text hei dra steet, fir an Zukunft esou Ofschafungen am Mémorial ze publizéieren.

Ech géif och mengen, wann een d'Verfassung elo ännert, misst dat an d'Verfassungsännerung mat afléissen, a wann eng Konventioun dénoncéiert gëtt, misst se an Zukunft am Mémorial publizéiert ginn. Och wann dat eng relativ selte Prozedur ass, entbënnt et eis awer net, fir déi elementar Forme vun der Publikatioun anzehalen.

Ceci étant dit, géif ech awer mengen, könnte mer, wat d'Verfassung ugeet, mat rouegem Gewëssen deen Text hei stëmmen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Marc Zanussi.

**M. Marc Zanussi (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt dem Här Marcel Glesener en härezeche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee mer an der Kommissioun diskutéiert hunn.

Ech hunn de Rapport duerchgelies an den Ausféierunge vu menge Virriedner opmierksam nogelauschert a wëllt opgrond vun deene fachkundige Renseignement, déi hei nach komm sinn, den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem wichtege Projet ginn.

Merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Théo Stendebach.

**M. Théo Stendebach (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Marcel Glesener merci soe fir säin excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

De Gesetzprojet 4516, dee mir haut stëmmen, ass wichteg. Duerch hie gëtt en Amendement zur Konstitutioun vun der Organisation internationale du Travail, der OIT, ratifizéiert. Dësen Amendement ass schonn 1997 vun der Conférence internationale du Travail ugehall ginn. Esou kritt d'Conférence internationale du Travail d'Méiglechkeet fir eng international Konventioun, déi iwwerflësseg ginn ass, mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel ze abrogéieren.

Den Artikel 19 vun der Verfassung vun der OIT gesäit vir, wéi eng Konventioun elaboréiert gëtt. Duerch den Amendement, dee mir haut unhuelen, gëtt e Paragraph 9 dem Artikel 19 bäigefügt. Duerch dee Paragraph kann d'Conférence eng Konventioun abrogéiere falls si hiren Objet verluer huet oder wa si net méi néideg ass fir d'Objektiver vun der Organisatioun.

D'Décisioun fir ze abrogéiere kann nëmmen op Proposition vum Conseil d'administration a mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel geholl ginn. Dëse Beschluss gëtt op den Ordre du jour vun der Konferenz gesat an da leeft den Délai vun 18 Méint un. De Büro schéckt e Questionnaire un d'Regierung vun all Memberstat, fir dass si hir Meenung zu der geplangter Abrogatioun kënnen ginn.

No de Resultater vun dësem Questionnaire gëtt dann en definitive Rapport gemaach iwwert déi endgültig Versioun vun der Abrogatioun, Rapport, deen erëm un all Regierung verschéckt gëtt. D'Konferenz kann dann direkt d'Fro vun der Abrogatioun traitéieren oder si un d'Commission de proposition weiderleeden.

Beim Vote final vun der Abrogatioun gëtt mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmme gewielt. Iwwerhaupt ginn an dëser ganzer Prozedur d'Décisiounen entweder am Konsens oder mat enger qualifizierter Majoritéit geholl. D'Prozedur ass also strikt genuch fir all Ecart ze vermeiden.

Duerch déi nei Bestëmmunge kënnen deemno Konventiounen formell abrogéiert ginn, déi am Fong

eigentlich schonns duerch nei Konventiounen ersat gi sinn, mä déi awer nach ëmmer offiziell bestinn. Esou kann eng besser Kohärenz tëschent deene verschiddenen internationalen Norme geschafe ginn an och eng besser Rechtssécherheet gebuede ginn.

De Rapporteur huet erkläert, firwat mer den heitege Projet an de Konditiounen vum Artikel 114 vun eiser Verfassung huelen. Des Weideren huet de Rapporteur och schonns drop higewisen, dass den Artikel 112 vun der Lëtzebuerger Verfassung virgesäit, dass all legislativen Akt, fir seng Force exécutoire ze kréien, muss publizéiert ginn. Deemno geet et net duer, dass eng international Konventioun abrogéiert gëtt, mä si muss och publizéiert ginn, fir an eiser nationaler Gesetzgebung gültig ze ginn. Fir där Exigenz gerecht ze ginn, muss deemno all abrogéiert Moossnam am Mémorial publizéiert ginn.

Ech wëll mech dem Rapporteur uschléissen, dee proposéiert huet, fir an dem Code de travail, deen de Moment elaboréiert gëtt, eng Lëscht vun alle Konventiounen vun der OIT ze publizéiere wéi och vun deene Konventiounen, déi abrogéiert gi sinn.

De Gesetzesprojet, dee mir haut stëmmen, ass wichteg, well esou an der Verfassung vun der OIT festgehalen gëtt, dass eng Konventioun, déi net méi gültig ass, well si scho längst vun enger nei Konventioun iwwerholl ginn ass, kann abrogéiert ginn. Dës nei Dispositioun féiert derzou, dass mir een eenheetleche System vun den normative Regele vun der OIT kënnen kréien.

Ech ënnerstëtzen dës Projet a bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Aly Jaerling.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll dem Rapporteur, dem Här Marcel Glesener, wéi och dem Här Paul-Henri Meyers merci soe fir déi ausféierlech Erklärungen, déi se iwwert dës Sujet ginn hunn.

Wat mer am Wichtigsten an dësem Projet schéngt, dat ass, dass d'Bierger an haaptsächlech d'Salariéen iwwert deeselwechte Wee informéiert gi vun der Ofschafung vun enger Dispositioun wéi vun hirer Aféierung. Dat schéngt mer e wesentleche Punkt ze sinn.

Ech wëll d'Geleeënheet net verfeelen, fir op d'Wichtigkeet vun all deenen Dispositiounen vun der OIT fir eist Salariat an d'Salariat an Europa hinzuweisen, eng Wichtigkeet, déi ëmsou méi grouss ass wa grouss Multië fusionnéieren, wéi et da mat de Rechter vum Salarié ass, wéi ee gëschter konnt gesinn. Et schéngt mir dofir immens wichteg, dass Dispositiounen, déi besonnesch d'Salariat betreffen, esou séier wéi méiglech kënnen agefouert ginn, a wa se ofgeschafft

ginn, d'Salariat esou séier wéi méiglech driwwer informéiert gëtt.

Ech hoffen, dass mer haut eng grouss Majoritéit fir dës Projet fannen, vun deem ech iwwerzeegt sinn, an dass an Zukunft, wa Recommandatiounen vum Bureau international de Travail a vun der OIT kommen, mir déi mat därselwechter Majoritéit wäerte stëmmen. Ech denken do ganz besonnesch un d'gewerkschaftlech Fräiheeten, wou mer anscheinend hei am Land Problemer hunn. A wa mer déi international Recommendationen sollen ëmsetzen, hoffen ech, dass mer och dëselwecht Majoritéit fannen, fir déi ëmzesetzen, wéi fir dat, wat mer haut stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här François Bausch.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun a soen dem Rapporteur merci fir säi gudde Rapport.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Statsminister Jean-Claude Juncker.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mech, éierlech gesot, e puer Deeg laang drop gefreet, fir erëm eng Kéier a Verriedung vum Aarbechtsminister an enger Matière déi, am weide Sënn vum Wuert, dem Aarbechtsrecht entstanen ass, kënnen Stellung ze huelen a si ganz enttäuscht, dass dat hei eng Debatt war, déi insofern keng Debatt war, well se keng Kontrovers suscitéiert huet.

Eigentlich kënnt een awer kontrovers iwwert dee Projet diskutéieren, well wier ech an der Plaz vun engem Deputéierte gewiescht an net an der Plaz vum Aarbechtsminister, hätt ech trotzdeem eng Rei vu kritesche Bemierkunge gehat zu deene juristesche, a mengen Aen, net total novollzéibaren internationale rechtlechen Iwwerleeunge vum Conseil d'Etat. Mä ech wëll d'Freed net hei iwwert dee Projet stéieren, deen d'Regierung abruecht huet, an dem Rapporteur an deenen anere Kolleegen, déi doru geschafft hunn, merci soen.

Dem Här Jaerling wëll ech soen, dass d'Weltaarbechtsorganisatioun, vu Lëtzebuerg aus betruecht, ëmmer vun dem Aarbechtsminister bestéckt gëtt an net vun dem Ausseminister, déi bréngt just d'Projeten an - et ass dat hei nach ee Projet vum Kolleeg Poos. En ass eis wahrscheinlech net vu grousser Hëllef, wat de politesche Suivi ubelaangt, deen där sougenannter Megafusioun am Stolberäich soll entgéintbruecht ginn. Ech spiere mech zu 80% mat deem averstanen, wat d'Gewerkschafte gëschter zu Esch virgedroen hunn. Im übrigen wësse se dat och.

Merci.



**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun dem Article unique a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4516.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 56 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, der Interpellatioun vum Här Huss iwwert d'Auswirkung vun elektromagnéitesche Wellen op eis Gesondheet.

D'Wuert huet den Interpellateur, den honorabelen Här Jean Huss.

**3. Interpellation de M. Jean Huss sur les risques pour la santé induits par les ondes électromagnétiques de très basse fréquence et de haute fréquence**

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG), interpellateur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Interpellatioun iwwer méiglech Gesondheitsrisiken duerch dat, wat am Volleksmond Elektromog genannt gëtt, bezitt sech net nëmmen op déi ganz aktuell an europawäit geféiert Diskussioun iwwert d'Risiko vum GSM-Handy an deenen dozou gehéierengen Antennen a Basis-statiounen. Et geet dobäi och ëm d'Problematik vum UMTS, der sougenannter drëtter Generatioun vum Mobilfunk, wou jo Lizenzen elo bekanntlech solle vergi ginn. Et geet dobäi och ëm d'Risiko vun de sougenannte schnurlosen Haustelefonen op Basis vun deem neien DECT-Standard. Et geet schliesslech och nach, well nei beonrouegend Etüde virleien, ëm de ganz gewéinlechen Electrosmog duerch niddrefrequent Wiesselfelder, wéi se vun Héichspannungsleitungen, Trafostatiounen oder elektreschen Hausinstallatiounen ausginn.

Et kéint ee sécher och nach op nei Entwécklungen oder Erweiderungen am Beräich vum GSM-Mobilfunk agoen, wéi zum Beispill HSCSD, GPRS, EDGE, an am Moment ginn et bekanntlech Diskussiounen, fir an eng véiert Mobilfunkgeneratioun eranzegoen.

Eng Diskussioun iwwer all dës technesch Weider-entwécklung gëf allerdings den zäitleche Kader vun der Interpellatioun sprengen, an dofir wëll ech mech op d'Problematik vun niddrefrequente Wiesselfelder an op d'Héichfrequenz vu GSM, DECT an UMTS beschränken.

Ech wëll och gläich betounen op wat ech aus Zäitgrënn net kann agoen. Et sinn dat zum Beispill Froen vum Impakt vun esou Installatiounen op d'Landschaftsbild, d'Natur an d'Déieren. Ech wëll och net agoen op Froen vun eventuelle Wäertabousse vun Haiser oder vun Terrainen. Ech wëll och net agoen op d'Fro vum Risiko vu méi Autosaccidenter duerch d'Gebruddels um Handy. Wann een iwwert d'Autobunn fiert gesäit een dat leider nach ëmmer.

Net agoe wëll ech och op méi kulturkritesch Considératiounen, nämlech Considératiounen iwwert dat stännegt Gebimmels, wat een iwwer sech muss ergoe loossen, sief et am Restaurant, am Kino, am Theater oder souguer hei am Sitzungssall. Op all déi Saachen wëll ech net agoen, obschonns an dëser Diskussioun déi och hir Bedeitung hätten. Ech wëll mech op d'Gesondheitsrisiken duerch Elektromog beschränken.

D'Diskussioun iwwert de Problem vun den elektreschen Leitungen gëtt et hei am Land schonn zënter ronn enger Dose Jore mat vill Sträit an Diskussiounen a villen Uertschaften iwwert de Verlaf vun Héichspannungs-